

Och de GAG huet dem "forum" Nr. 7 vu virun der Vakanz d'Petitioun fir e Moratoire beim Bau vun engem Atomreakter zu Remerschen bäigeluegt. Bis elo hun iwer 12.000 Leit des Petitioun ennerschriwen an zréckgeschéckt. Dat geet anscheinend net duer, well nach emmer behaapt de Wirtschaftsminister, et wäre jo nemmen eng Minoritéit vu réckschrettliche Letzebuerger, déi géint de Reakterbau géif protestéieren.

De "Comité National d'Action pour un Moratoire" as endlech am Gaang, duurch regional Initiativen d'Bevölkerung d'Bevölkerung iwert d'Noutwendegkeet vun engem Obschub fir de Bau vun engem Atomreakter opzeklären an se regional z'organiséieren. De GAG begréisst des organisatoresch Neierung, déi dem Vollek erlaabt, sech op den Dag, wou et zur Kraaftprouf mam Minister a sänge Frenn aus der Wirtschaft komme sollt, efficace viirzebereeden.

De GAG invitéiert all séng Lieser an hir Frenn, bei dese regionale Manifestatiounen matzeman an ower och e Samschdeg, 30. Oktober 1976 em 15.00 Auer op dee grouesse Meeting géint en direkte Bau vun engem Atomreakter an de Studio vum neien Theater ze kommen.

Elo scho kann de GAG och de "forum"-Lieser mattdeelen, dass e fir déi nächst Nummer vun Enn November e gréisseren Artikel iwert d'Atomenergie plangt, wou e besonnesch op déi wirtschaftlech a politesch Konsequenzen vun esou engem Energiechoix agoe wäert. GAG